ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An engem Presseartikel vum 28. Januar kann ee liesen, datt d'Rockhal an Zukunft keng Persoune méi an eng Virstellung eraléisst, wann dës keen negative Covid-Test kënne virweisen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Op wéi enger legaler Basis berout dës Decisioun? Gouf et an deem Kontext eng Ordonnance vun der Santé? Op wéi eng Manéier goufen déi respektiv Decisioune publizéiert?
2. Ass eng Verweigerung vum Antrëtt opgrond vun engem positive Covid-Test eng Diskriminatioun vu Leit opgrond vu gesondheetleche Considerationen?
3. Besteet de Risiko, datt an Zukunft nach aner medezinesch Tester verlaangt ginn, ier e Mënsch däerf en un enger kultureller Veranstaltung deelhuelen, och z.B. Tester op aner viral Erkrankungen, ewéi z.B. Grippen?
4. Ass et e Verstouss géint de «secret médical», wa Leit dem Bedreiwer vun engem kulturellen Etablissement en negative medezineschen Test musse beim Antrëtt virweisen?
5. Am Fall wou de Staat esou obligatoresch Konditiounen aféiert, fir nach kënnen un enger kultureller Veranstaltung deelzehuelen: Misst de Staat dann net och d'Käschte fir den Test iwwerhuelen?
6. Am Fall wou e private Promoteur Tickete fir eng kulturell Veranstaltung un e Client verkeeft an dëse positiv op de Covid-Virus getest gouf: Wien iwwerhélt an deem Ament d'Käschte vum Ticket, dee jo net méi ageléist ka ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten